ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 24/11/2025

Rapport vun der Kommissioun Vivre ensemble interculturel vum 20.11.2025

Presenzen

Present	Net present
Véronique Peiffer	Max Leches (entschëllegt)
Rosie Brandenburger	Marie Sadler (entschëllegt)
Lydie Ruppert	
Magali De Rocco	
Sylvia Origer	
Ann Leurart	
Sandrine Kinnen	
Stefanie Block	
Toni Pinto	

Ordre du Jour

1. Kommunikatioun an der Kommissioun
2. Planungsdétailer Chrëschtmaart 2025
3. Artikel Buet Dezember 2025
4. Soirée de Bienvenue 2026
5. Futur Projets / Zieler
6. Ofschluss Iessen 2025
7. Divers

Helperknapp, 24/11/2025

1. Kommunikatioun an der Kommissioun

Am Kader vun der leschter Sëtzung vun der Kommissioun gouf en Tour de Table organiséiert, wou all Member d'Geleeënheet hat, seng Meenung fräi ze deelen iwwer dat, wat gutt funktionéiert, an iwwer Aspekter, déi nach kënne verbessert ginn.

Kommunikatioun a Transparenz :

Et gouf intensiv diskutéiert, wéi d'Kommunikatioun bannent der Kommissioun soll organiséiert ginn an wat als net akzeptabel ugesi gëtt.

- Verschidde Memberen hu betount, datt si net zefridden sinn mat der Transparenz, besonnesch am Zesummenhang mat der Validatioun vun de Rapporte.
- Iert déi lescht Versioun vum Rapport un d'Gemeng geschéckt gëtt, kréien d'Memberen zwar eng Versioun fir ze validéieren, awer d'Memberen gi net a Kopie vum Mail gesaat, deen un d'Gemeng geschéckt gëtt an um Site vun der Gemeng publizéiert gëtt, wat zu Onkloerheeten an engem Gefill vu Mangel u Transparenz féiert.

Erwaardungen un de Fonctionnement :

- Et gouf festgestallt, datt verschidde Memberen sech den Fonctionnement vun der Kommissioun anescht virgestallt haten.
- Kritiséiert gouf och, datt net genuch Projeten ëmgesat ginn, obwuel vill gutt Iddien an der Vergaangenheet proposéiert goufen.

Diversitéit vun Usichten :

- D'Kommissioun besteet aus villen ënnerschiddleche Charakteren an Usichten, wat d'Diskussiounen heiansdo komplex mécht.
- Trotz dëser Diversitéit ass et wichteg, gemeinsam Léisungen ze fannen an d'Kooperatioun ze stäerken.

Helperknapp, 24/11/2025

Conclusioun an Ausbléck:

- D'Sëtzung huet gewisen, datt et nach Verbesserungspotenzial an der Kommunikatioun an an der Transparenz gëtt.
- Et bleift essentiell, kloer Prozesser fir d'Validatioun an vun Dokumenter festzeleeën.
- Fir d'Zukunft soll dorop higeschafft ginn, datt méi vun de proposéierte Projeten effektiv ëmgesat ginn, fir d'Erwardungen vun de Memberen ze erfëllen, dëst sezt viraus dass d'Memberen net just mat der Iddi sollen kommen, mee sech och intensiv an d'Ëmsetztung sollen mat investéieren.
- D'Kommissioun wäert d'Diskussiounen an d'Iddien aus dëser Sëtzung notzen, fir konkret Schrëtt an eng méi effizient Zesummenaarbecht ze definéieren.

2. Planungsdétailer Chrëschtmaart 2025

Beneficiairen vum Stäerenverkaf:

- Croix Rouge: +- 27 Kanner
- HUT: +- 50 Kanner

Des Zuelen kennen emmer nees licht variéieren.

Den 30/11/2025 soll d'Lëscht mat Kaddoen spéitstens un d'Gemeng respektiv un den Cactus geschéckt ginn.

- Horaires fir den Chrëschtmaart den 13/12/2025:
  16:00 – 18:30 → Marie an Toni
  18:30 – 21:00 → Magali an Rosie
  21:00 – 23:00 → Sandrine an Max

- Horaires fir den Chrëschtmaart den 14/12/2025:
- 16:00 – 18:30 → Lydie an Véronique
- 18:30 – 21:00 → Stephanie an Sylvia
- Zousätzlech gouf festgehalen :

Helperknapp, 24/11/2025

- Den Stär kann an Parts opgedeelt ginn (maximal 5 Parten pro Stär) Sticker / Chrëschtdaags-Sticker fir d'Parten ze markéieren.
- Eng Excel Lëscht erstellt d'Sylvia → 2 Faarwen Marker benotzen, fir Digital a Cash ze ënnerscheeden.
- Dem Stefanie seng Handynummer gëtt als Payconiq genotzt.
- Merci an Form vun Karten oder Schokola.

3. Artikel Buet Dezember 2025

   Modifikatiounen konnten bis den 21/11/2025 um 12:00 geschéckt ginn.

   Et gouf festgehalen wann keng Remarques erakommen, gëtt den Artikel esou fir Publkatioun un d'Gemeng weidergeleet.

4. Soirée de Bienvenue 2026

   D'Soirée de Bienvenue fir d'Joer 2026 gëtt den 12. Mäerz an der Koll zu Brouch um 19:00h organiséiert, fir nei Bierger an d'Gemeng ze begréissen an d'lokalt Associatiounsliewen virzestellen..

   D'Zil ass et, d'Vereiner an hir Aktivitéiten méi ervirzehiewen an eng frëndlech Atmosphär fir Austausch ze schafen.

   Detailer zu Animatiounen, Cadeauen etc. ginn nach thematiséiert.

5. Futur Projets / Zieler

   Dësen Punkt ass op déi nächst Réunioun vertagt gin.

6. Ofschluss Iessen 2025

   Eist Ofschluss Iessen ass festgesaat fir den 15/01/2026 wou ass nach op.

7. Divers

   Eventuell eng Foto matt den Kanner an eng Collage fir Merci ze soen am Buet 2026.

   En néien Datum fir déi next Réunioun vun der Kommissioun steht nach net fest.